PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 06/05/2020

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Gesondheet & Ëmwelt, Klima an nohaltëg Entwécklung weiderzeleeden.**

Net ouni meng Mask – Dëse Slogan ass den Ophänkert vun enger aktueller Publicitéitscampagne vun der Regierung, fir de Public fir d'Anhale vun de Corona-Mesuren ze sensibiliséieren. Dës Pub huet rezent d'Deckblat vun den Zeitunge vun engem Pressegrupp gefëllt.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Här Minister, gëtt d'Regierung bei all de Medien, déi vun der staatlecher Pressehëllef profitéieren esou eng Pub an Optrag ? Wann net, firwat net ?

2. Wéi goufen d'Pressehaiser, fir déi esou eng Publicitéit vun der Regierung an Optrag gi gouf, ausgewielt ?

3. Huet d'Regierung bei anere sougenannten "Out of Home" Annoncen op Bushaisercher vun enger Gratuitéit profitéiert?

4. Huet d'Regierung bei den Zeitungsannoncen vun enger Gratuitéit profitéiert oder goufen dës Annoncen zum Maartpräis akaaft?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député